



Gemeinsam Äntwert vun der Justizministesch Sam TANSON, dem Ausseminister Jean ASSELBORN an dem Minister fir bannezeg Sécherheet Henri KOX op d'parlamentaresch Ufro 7460 vun der Deputéierten Nancy ARENDT épouse KEMP iwwert den Mënschenhandel

Vum Ufank vum Ukrain-Krich un huet den Comité fir de Kampf géint de Mënschenhandel (*Comité de Suivi de la lutte contre la traite*) verschidde präventiv Moossnamen geholl mam Zil all Risiko vun Ausbeutung ze reduzéieren. Och ass viru kuerzem den europäesche Plang fir d'Bekämpfung vum Mënschenhandel ugeholl ginn, deen vum EU Coordinateur vun der Bekämpfung vum Mënschenhandel koordinéiert gëtt zesummen mat den 27 nationalen Rapporteur an den concernéierten EU Agencen.

De 25. März 2022 gouf e gemeinsame Pressecommuniqué vum Justizministère, dem Ausseministère souwéi dem Ministère fir Familljen, Integratioun an der Groussregioun publizéiert, fir iwwert de Risiko vun Ausbeutung a Mënschenhandel vun de Leit déi virum Krich aus der Ukrain flüchten opmierksam ze maachen an ze sensibiliséieren

Dës Pressematdeelung enthält virun allem och Informatiounen iwwer d'Mesuren, déi geholl goufen, wéi zum Beispill d'Verdeelung vun enger Informatiounsbroschür op ukrainesch, déi d'Zil huet, potentiell Affer vun Mënschenhandel iwwert hir Rechter z'informéieren oder spezifesch Broschüren iwwert d'Aarbechtsrecht.

Dës Informatiounen goufe verstärkt duerch e "Pop-up" op der Websäit www.stoptraite.lu, deen sech an ukrainescher Sprooch direkt u potentiell Affer aus der Ukrain adresséiert.

D'Vertrieder vum Comité wéi och aner Acteuren hu mat den Administrateuren vu verschiddene Facebook-Säite fir Ukrainer Gespréicher gefouert fir iwwert de Risiko vu béiswëllegen Annoncen a Publikatiounen ze sensibiliséieren.

Schlussendlech gouf eng beschleunegt Formatioun zum Thema Mënschenhandel opgeholl a Form vun engem Video, déi et erlaabt esou breet an séier wéi méiglech vill Leit ze forméieren, a besonnesch all nei Mataarbechter vun den Acteuren, déi sech em den Accueil vu Leit déi geflücht sinn këmmere.

Weider Initiativen goufen zum Beispill mat der ABBL ënnerholl, wou och eng Broschür ausgeschafft gouf à destination vun den ukraineschen Persounen (mam Titel "YOUR SAFETY IN LUXEMBOURG"), déi allgemeng Informatiounen beinhalt mee och spezifesch iwwert de Mënschenhandel.

Stand haut sinn déi zoustänneg Sektione vun der Police judiciaire mat kenger Enquête befaasst ginn, wou et ëm potentielle Mënschenhandel am Kontext vum aktuellen Ukrain-Krich geet. Bis elo huet sech och keen Affer gemellt.

D'OSZE hat direkt am Ufank vum Agressiounskrich géint d'Ukrain op d'Gefor vum Mënschenhandel vun de Leit déi virum Krich flüchten opmierksam gemaach a Guidelines ausgeschafft, an dës Informatiounen sinn och de Lëtzebuerger Autoritéiten matgedeelt ginn. D'"Be-safe" Campagne gouf an enger zweeter Phas ausgeschafft, a riicht sech spezifesch un d'Ukrain an un déi Länner, déi am meeschten vum Flux vun de Leit déi virum Krich flüchten affektéiert sinn. Net all Memberstaat ass deemno vun der OSZE kontaktéiert ginn fir sech der Campagne unzeschléissen.



Lëtzebuerg huet also och seng eegen Initiativen an deem Sënn ergraff an deelt och reegelméisseg Campagnen, sief et vun der EU, EUCPN etc, op senger Facebook Säit *stoptraite.lu*.
An deenen uewegenannten Broschüren an Internetsäiten stinn och d'Ulafstellen vun Lëtzebuerg. Déi sinn och der europäescher Kommissioun matgedeelt ginn.

Lëtzebuerg, den 10 Februar 2023.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson